

an externer Wierkung. D'Fusioun ass zwëschent den Aktionäre wierksam vun deem Moment un, wou déi zwou Gesellschafterversammlungen d'Fusioun guttgeheescht hunn. Géigeniwwer Drëttpersonen ass d'Publikatioun vun der Fusioun am Mémorial ausschlaggebend. Bei enger grenziwwerschreidender Fusioun lafen déi intern an déi extern Wierkung vun der Publikatioun am Mémorial un.

Véiertens, d'Nullitéit vun enger grenziwwerschreidender Fusioun kann net méi beantragt ginn, wann d'Fusioun am Mémorial publizéiert gouf. Dat ass eng wuertwiertlech Ëmsetzung vun där europäescher Direktiv, déi ech virdrun ugeschwat hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi maache mer eist Gesellschaftsrecht op fir grenziwwerschreidend Fusiounen. Zwar soll nach ee Projet de loi nokommen, fir déi Direktiv vollstänneg ëmsetzen. An ech hoffen, datt mer de Stéchdatum vum 15. Dezember 2007 wäerten anhalen.

Souwuel beim Projet de loi 4992 wéi bei dësem Projet de loi hu mer et fäerdeg bruecht, fir déi 92 Joer al Damm vu Gesetz vum 10. August 1915 nach ëmmer modern a monter ze halen. Dat kënn och eiser Standuertcapacitéit - eiser Standuertpolitik - zegutt, och wann nach steierlech Moossnamen zum Beispill bei Kapitalverkéier mussen an d'A gefaasst ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Commission juridique huet de Projet de loi an de Rapport unanime ugeholl, an d'CSV-Fraktioun wäert sech där Unanimitéit net widdersetzen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Rapporteur.

Freet nach soss een d'Wuert zu dësem Projet de loi?

(Interruptions)

» **Une voix.**- Et ass alles gesot.

» **M. le Président.**- Wann alles gesot ass...

(Interruption)

Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, erlaabt mer wann ech gelift dräi Bemierkungen. Déi éischt, dat ass, fir dem Rapporteur Merci ze soen, deem op seng üblech Manéier de Projet ganz gutt presentéiert huet. Ech soen him Merci dofir, an ech wëll och net weider op de Projet als solchen agoen.

Ech wëll nëmmen drop hiweisen: An deem Mooss, wou mer op onsem Ordre du jour als éischte Punkt de Projet 4992 hunn an duerno de Projet, deem elo hei presentéiert ginn ass, aus deenen Ursachen, déi de Rapporteur ervirgestrach huet, géif et mir schénge justifiéiert ze sinn, dass mer den 4992 fir d'éischt géinge stëmmen duerch en zweete Vote constitutionnel, an dann duerno de Projet, deem elo zur Diskussioun steet.

Ech mengen, da wäre mer och chronologesch konform mat deem, wat mer an der Kommissioun gesot hunn.

» **Une voix.**- Dat ass richtig. Jo.

» **Mme Colette Flesch (DP).**- Dat Drëtt, wat ech wollt soen, an do riichten ech mech

un den Här Minister: Mir hunn iwwert dee Projet, deem elo zur Diskussioun steet, de 5658, gesot, dat ass eppes, wou mer virgräifen, mä mir waarden op de Projet de loi, deem d'Transpositioun vun der Direktiv virgesäit. Dee Projet de loi de transposition vun der Direktiv gëtt jo bestëmmt keen einfache Projet, a mir wäerten d'Geleeënheet hunn, laang a breet doriwwer ze diskutéieren.

De Minister huet ons gesot, de Projet wär esou wäit fäerdeg. Mäin Appel un de Minister ass en ze bieden, dee Projet esou séier wéi méiglech ze déposéieren, net dass mer duerno erëm weinst dem Ëmsetzdatum vum 31. Dezember 2007 géingen an d'Labrante kommen. Also e waarmen Appel un de Minister, dass mer dee Projet esou séier wéi méiglech hei kënnen déposéiert gesinn.

Selbstverständlech wäert ons Fraktioun de Projet 5658, esou wéi e vum Här Santer virgedroe ginn ass, stëmmen.

» **Une voix.**- Très bien.

» **M. le Président.**- Wéi esou oft huet d'Madame Flesch eng ganz pertinent Remarque gemaach, a mir wäerten deem Rechnung droe beim Vote. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. Dës zwee Texter, déi mer elo nach wäerte stëmmen, den 4992 an och dëse Projet de loi 5658, wäerten an Zukunft eis Gesetzgebung iwwert d'international Fusioun fundamental veränneren.

Dat ass wichteg, fir de Standuert Lëtzebuerg méi kompetitiv a méi attraktiv ze maachen, fir deenen auslänneschen Entreprises dat Ganzt méi attraktiv ze maachen, an duerfir ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Klein. Ech faassen dann nach eng Kéier déi kollektiv Mercië vun alle Fraktiounen zesummen, fir dem Här Santer déi ze iwwermëttelen. Deementspriedend komme mer elo, wéi d'Madame Flesch proposéiert huet, zum Vote vun deem éischte Projet, dee mer virdrun net konnten ofstëmmen.

3. 4992 - Projet de loi modifiant 1. la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales, 2. la loi du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et modifiant certaines autres dispositions légales, et 3. la loi du 25 août 2006 concernant la société européenne (SE), la société anonyme à directoire et conseil de surveillance et la société anonyme unipersonnelle - Second vote constitutionnel

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum zweete Vote constitutionnel iwwert de Gesetzesprojet 4992.

Second vote constitutionnel

De Projet de loi 4992 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Abstentioun a kenger negativer Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt

(par M. Lucien Thiel), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Christine Doerner), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner (par M. Marc Angel) et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

4. 5658 - Projet de loi portant modification des articles 271, 273bis et 276 de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales (suite)

Da komme mer zum Vote vum Projet de loi 5658, dee mer elo just diskutéiert hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5658 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. François Maroldt), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Christine Doerner), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Norbert Hauptert), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner (par M. Marc Angel) et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par

Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Ier mer zu deenen zwou déposéierte Motioune kommen, huet fir d'éischt den Här Kox d'Wuert, fir och nach en Dépôt ze maachen. Här Kox!

5. Dépôt d'une motion par M. Henri Kox

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech wëll am Numm vun der grénger Fraktioun eng Motioun déposéieren zum Projet de loi 4985, dat sougenannten Hondsgesetz, fir de Projet zréckzezéien an nei ze iwwerschaffen am Sënn, dass net d'Hënn am Mëttelpunkt stinn, mä éischter d'Propriétaire vun den Hënn.

Merci.

» **Une voix.**- Très bien.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant le projet de loi N°4985 relatif aux chiens déposé à la Chambre des Députés en date du 4 juillet 2002, ainsi que les propositions de modifications subséquentes;

- constatant que ces propositions de modifications suivent la même logique que le projet de loi initial, à savoir établir une distinction entre races dangereuses et non dangereuses et limiter la liberté du chien;

- constatant que ce projet a été vivement critiqué par les organisations oeuvrant dans le domaine de la protection des animaux, ainsi que par de nombreux propriétaires de chiens;

- estimant que le classement en races «dangereuses et non dangereuses» ne résoudra pas le problème d'attaques de chiens, étant donné que ce n'est pas la race qui définit l'agressivité du chien, mais bien sa socialisation et son éducation;

- considérant que le Conseil d'État estime dans son avis du 10 décembre 2002 que: «Un chien n'étant pas méchant par nature, il conviendrait plutôt de légiférer sur son propriétaire»;

- estimant que la meilleure prévention est une bonne éducation du chien par son propriétaire;

- considérant les sanctions sévères contenues dans le projet de loi et l'avis du Conseil d'État du 10 décembre 2002 qui estime que «la surpénalisation a des résultats pervers et conduit en réalité à une baisse du sens de la responsabilité»;

- saluant néanmoins quelques bonnes initiatives du projet de loi en question, notamment celle de l'identification électronique des chiens qui permet d'identifier les détenteurs de chiens et qui pourrait apporter des garanties contre le délaissement des chiens;

invite le Gouvernement

à retirer le projet de loi et à présenter un nouveau texte axé sur le propriétaire du chien et développant des propositions concrètes quant à:

• la prévention des accidents par l'éducation du chien et la formation du propriétaire en matière de comportement des chiens;



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu